Groupe parlementaire

Depot: Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- am Hibléck op d'Remuneratioun an d'Karriäre vun de Police-Beamte fundamental Ongerechtegkeete bestinn;
- Police-Beamten, déi virun der Police-Reform vun 2018 en "Diplôme de fin d'études secondaires" haten, systematesch an der Karriär D1 agestallt goufen;
- Police-Beamten, déi no der Reform vun 2018 agestallt ginn an déi en "Diplôme de fin d'études secondaires" hunn, systematesch an der Karriär B1 agestallt ginn;
- mat der Reform vun 2018 d'D1-Karriär an d'C1-Karriär reklasséiert gouf, awer net an d'B1-Karriär;
- Police-Beamten, déi virun 2018 mat engem "Diplôme de fin d'études secondaires" agestallt goufen, nach ëmmer net nom Modell B1 remuneréiert ginn;

ass sech bewosst, datt

- dëst zu enger grousser Onzefriddenheet béi deenen heivu betraffene Beamte féiert;
- dëst zu absurde Situatiounen um Terrain féiere kann, wou z.B. elo e Stagiaire an enger B1-Karriär vun engem Tuteur de stage betreit gëtt, deen eng méi niddreg Karriär wéi säi Schüler huet;

fuerdert d'Regierung op,

- déi Police-Beamten, déi virun 2018 mat engem "Diplôme de fin d'études secondaires" agestallt goufen, systematesch an d'B1-Karriär ze reklasséieren.